

Fir Schüler a Studenten

SEEGELMAT!

REGATTA.LU

31. August - 6. September 2025

Video
kucken

Sport a Spaass an der Bretagne

Do kanns de eppes erliewen...

Regatta.lu, dat eng Sport, Spaass ... a viles méi. Eng ganz Woch laang entdecks du mat denge Frënn a Kollegegen, wéi flott Seegelen ass. Erleif eng spannend Competitioun an déi eemoleg Ambiance op de Booten an am Hafen.

Eng aktiv Woch op enger Yacht...

Regatta.lu ass déi Geleeënheet fir um Enn vun der Sommervakanz eng genial Zäit mat denge Frënn a Kollegegen an där wonnerschéiner Bucht vu Quiberon ze genéissen. Op engem vun 30 Seegelbooten, zesumme mat engem erfueren Skipper a Co-Skipper vum GLCR - Groupe Luxembourgeois de Croisière et de Régate. Si weisen dir, wéi et geet, an da kanns du selwer aktiv ginn an d'Steier iwwerhuelen.

Fënns du de Schatz ?

Fir déi 10. Editioun vu Regatta.lu ze feieren, gi mir dëst Joer op d'Sich no engem iwwer 1000 Joer ale Schatz. E spannende Rallye um Waasser an op den Inseln, mat ville Kaddoen a Iwwerraschungen.

Elo umellen !

Jongen a Meedercher vu 14 Joer un kënnen sech op www.regatta.lu umellen - individuell oder zu méi als Equipage. Waart net ze laang, well d'Plazen si limitéiert. Wann s du nach Froen hues, da schreif eis op regatta2025@glcr.lu



Service National
de la Jeunesse



Info & Umeldung

SCHÜLER



Info & Umeldung

STUDENTEN

capitalatwork
Wealth Management Foyer Group